Abrëll

# AAH NEWS 2012




**Action Avenir Haïti asbl**

41a Montée Willy Goergen

L - 7322 Steinsel

Tél.: 33 55 36

www.aah.lu

CCPL: LU81 1111 2342 0345 0000









# E LÄNGERT VIRWUERT:

Zwee Joer a 4 Méint nom Biewen ass d'Situatioun op Haiti nach net vill besser. Natierlech ass an der Stad geraumt ginn, baufälleg Haiser sinn ofgerappt, an nei Gebaier gebaut ginn. Trotzdem sinn et nach ëmmer vill ze vill Mënschen déi mussen ënnert net mënschewierdege Konditioune liewen, well d'Zeltlager aus der Stad hu sech net ganz opgeléist, si sinn zum Deel verlagert ginn, ausserhalb vun der Metropol.Vill Mënschen fänken och nees selwer u mat bauen, iergendwou, ouni Konzept a Plang, ouni Terrain, an d'Geschicht geet nees vu vir un.

Ee Joer no de Presidentschaftswalen ass nach ëmmer keng politesch Stabilitéit agetrueden. Dee vum President gewielte Premierminister gëtt vun him selwer a vu senge Ministeren iwwergaangen, an huet dofir démissionéiert. Déi haitianesch Regierung gëtt sech net eens an esou steet Haiti senger Entwécklung selwer an de Féiss.

Ouni kloer Strukturen an den Administratioune ginn iwwerall nëmme Plooschtere gepecht, an de Problem gëtt net bei der Wuerzel gepak. Ze vill Leit wunnen an der Stad, eigentlech si si Flüchtlingen an hirem eegene Land. Dat schwéiert an aarmt Liewen an de Bierger huet se an d'Stad gezunn, wou se elo ouni Daach iwwert dem Kapp, ouni Terrain an ouni Aarbecht, sëtzen. An deem Fall si Plooschteren awer wichteg, fir de Mënschen hir Liewensconditioune wéinstens e bëssen ze verbesseren. Esou ass dat Ganzt een Däiwelskrees, an deem et ganz schwéier ass dat Richtegt ze maachen.

Präisser op Haiti sinn zum Deel nach méi an d'Luucht gaangen. Mat der Präsenz vun deene villen ONGen, si verschidde Wueren oder Prestatioune méi deier bezuelt ginn. Spenden an Gratis-lesswueren beherrschen de Maart, a lokal Produktioune bréngen net genuch Erdrag a sinn am Verglach ze deier. D'Haitianer sinn ofhängeg vun deene räiche Länner a vun hire Familljememberen déi am Ausland liewen. Ech mengen net dass dat Land sech eng Kéier selwer aus sengem Misär befreie kann. Dëst gëtt nëmme méiglech, wann dem haitianesche Vollek gutt gesënnten Investisseuren an dat Land investéieren, méi Stroosse gebaut ginn déi de Wuerentransport erméiglechen, Entreprisen am Hannerland ugesidelt ginn, déi wuel d'Ressourcë vun der Regioun notzen, den Haitianer awer d'Méiglechkeet gi sech hiert Liewe selwer ze verdéngen.

Soulaang awer déi amerikanesch Staaten sech géingt eng Erhéijung vum Mindestloun asetzen, fir dass zum Beispill Levi Strauss oder Haines weiderhin zu engem Stonneloun vun 30 Cents op Haiti produzéiere kënnen, a soulaang de Profit vun de multinationale Konzerner d'Welt regéiert, soulaang musse wahrscheinlech Plooschtere gepecht ginn. Heiansdo freet ee sech ob dat Land iwwerhaapt eng reell Chance kritt, oder ob déi wirtschaftlech Interesse vun eiser Konsumgesellschaft d'Politiker guidéieren.

Action Avenir Haiti huet net wëlles sech an d'Politik anzemëschen, a mir hunn och net wëlles Haiti ze retten, mee eis ass et nach ëmmer doräms gaangen d'Mënsche mat konkreter an direkter Hëllef z'ënnerstëtzen. Mir gesinn, dass déi Plooschteren déi mer pechen, Mënsche glécklech maachen an hinnen hëllefen hiren Alldag ze verbesseren, oder hinnen iwwerhaapt eng Zukunft erméiglechen. Fir een Haitianer ass et ganz schwiereg an der Zukunft ze plangen, hinne feelt oft de Sënn zur Wäitsiicht. Si si

gewinnt,an den Daach eran ze liewen, a vun der Hoffnung dass et eemol besser gëtt.

Action Avenir Haiti huet an deem Sënn scho vill kleng Wonne geheelt; verschiddener si nees opgefuer, goufen net richteg gefleegt, oder hu misse geschinnt ginn, meeschtens awer konnte mer de Bobbo behiewen.

An nächster Zukunft steet awer méi eng grouss Operatioun um Programm. Mir si frou, dass eis Kooperatioun mat „Action pour un Monde Uni" seng Friichten dréit. Den Accord de Cofinancement vum Ministère stellt eis déi néideg finanziell Mëttel zur Verfügung fir ee neit Schoul-gebai opzeriichten. No villem Plange geet et elo endlech em d'Ëmsetze vun eisen Iddien. Dëst wäert eis an dem nächste Joer bestëmmt gutt op Trapp halen, a fir weider spannend Momenter suergen.

An dësem Kontext wéilt ech dem Comité vun der AMU a speziell dem Claude Steichen Merci soen dass mir dëse Wee aschloe konnten.

Dem Marco an dem Tommy Rollinger och een extra Merci. Si stinn eis permanent mat Rot an Dot zur Verfügung, an d'Firma stellt eng Montage-Equipe fir op Haiti d'Gebai opzeriichten an hunn eis dësweideren och schonns mat Donen ënnerstëtzt.

Do wéilt ech dann awer och dem Lucie Beck nach een décke Merci soen. Duerch säin Engagement kréien eis Donateuren elo mol méi regelméisseg „Feedback"; eng wichteg Aarbecht déi bei eis virdrun oft ze kuerz komm ass.

Allen anere fräie Mataarbechter, all deene gudde Séilen, déi eis Aktiounen duerch hir Hëllef, hir Iddien, oder hir Präsenz ënnerstëtzen, och een décke Merci, well ouni iech wäre mir als Comité zimlech geschmass .

Eisem Comité wéilt ech och nach félicitéieren: et ass einfach flott, dass mir déi gemittlech a frëndschaftlecher Manéier fir Aktiounen ze plangen an auszeféiere konnten iwwert déi läscht Joere bäibehalen.

An da bleiwen nach eis Frënn op Haiti: si stinn all Dag un der Front. Mat eise Méiglechkeeten, déi iwwert all déi Joren ëmmer gewuess sinn, klëmmt och hir Responsabilitéit, a si mussen elo Projete géréiere wou virun e puer Joer nach keen dru dru geduecht hätt. Ech hoffen, dass mir an Zukunft weiderhin esou zesummeschaffe kënnen, a si voller Zouversiicht, dass eis nächst grouss Operatioun gelénge wäert.

Rob Theisen



# REKONSTRUKTIOUN:
# SCHOUL
# LE REFORMISTE

Action pour un Monde Uni ass eng ONG mat Sëtz zu Fëlschdref. Si ënnerstëtze verschiddentlech Projeten an Asien, Afrika, Südamerika an och a Mëttelamerika.

Si finanzéieren och de Bau vun enger Schoul op Haiti, dëst Gebai huet awer kee Schued beim Äerdbiewen dervugedroen. Hire Comité huet eis dat néidegt Vertraue geschenkt an en Deel vun hiren Doen AAH zur Verfügung gestallt. Mir hu gemeinsam décidéiert eis Mëttelen zesummen ze leeën, mam Ministère ze ko-operéieren an esou e neit Gebai fir d'Schoul vun AAH op der Rivière Froide bauen ze kënnen.

D'Firma „Marco Rollinger" ass een Daachdeckerbetrieb an ass speziali-séiert op de Bau vu Gebaier am Holz. Schockéiert iwwert dat Biewen, hu si sech bereet erkläert ze hëllefen. No e puer Versammlungen ass de Plang entstanen, mat hirem sech hei bewäerte System, eng Schoul op Haiti opzeriichten.

An de Comités Versammlungen ass vill diskutéiert ginn. Firwat solle mer esouvill Suen hei am Land ausginn? Wär et net besser lokal Handwierker ze beschäftegen? Mir sinn nach ëmmer all der Meenung, dass dat de beschte Wee ass fir d'Land an seng Mënschen z'ënnerstëtzen. An dësem Fall si mer awer un d'Grenze vum Machbarem gestouss.

Op Haiti ee kompetenten Ingenieur ze fannen ass net einfach, déi bescht goufe schonns vun deene groussen ONGen engagéiert. Mat enger grousser ONG zesummeschaffen ass och net sou einfach, well si selwer zu 100% mat hire Projete beschäftegt sinn. Äerdbiewesécher bauen, gutt Material kafen, ... Fir optimal kënnen ze schaffen, misst een eng Persoun op d'Plaz schécke fir alles ze koordinéieren. Den Holzbau schéngt eis déi bescht Variant fir ee Gebai mat zwee Stäck ze bauen. Mee Holz muss egal wéi importéiert ginn. Eis Entscheedung, mat dëser lëtze-buergescher Firma zesummen-zeschaffen, berout op der Iwwer-leeung esou séier ewéi méiglech ee funktionellt a séchert Gebai do stoen ze hunn.

Natierlech wäerte mer probéieren esou vill ewéi méiglech haitianesch Handwierker matanzebannen. Betonsfondatiounen, Fënsteren an Dieren, sanitär an elektresch Installatioune gi vun Eenheemesche realiséiert.

Eist Haaptengagement läit bei de Schoulkanner vun der Rivière Froide, mee dëst Gebai soll, wann et fäerdeg ass, awer och den Awunner aus dem Quartier verschidde Virdeeler bréngen.An L-Form op 2 Stäck sinn 10 Klassesäll, ee Bureau fir d'Schoul an ee fir AAH ënnerbruecht. Dobäi kommen dann nach eng Bibliothéik mat Cyber-Café an ee Versam-mlungsraum, deen och als Kino benotzt ka ginn.

De 29.Mäerz krute mer den Accord vum Ministère de la Coopération, dass si bereet sinn eise Projet z'ënnerstëtzen.

Deemno gëtt am Summer an der Schoulvakanz dat aalt Gebai ganz ofgerappt, nach 2 provisoresch Säll bäigebaut, den Terrain e bëssi riichtgezunn, a virun allem ginn d'Betonsfondatioune gegoss.

Heiheem gi parallel déi eenzel Elementer op Containermooss hirgestallt. Eng Konstruktioun aus Kanthölzer an Osb-Plaque garantéieren déi néideg Stabilitéit an awer Flexibilitéit am Fall vun engem Biewen. D`Fassade gëtt och mat Holz verkleet an den Daach aus isoléiertem Blech gëtt mat op Haiti geschéckt. Baussen iwwert d'Trape kënnt een op eng iwwerdaachte Galerie, a vun do aus huet een dann Accès an déi eenzel Säll. No 2 Woche Bauzäit kënnen déi Pannelen da verschéfft ginn, sou dass se wäerten am Dezember zu Port-au-Prince an Haiti ukommen.
Am November kommen dräi Haitianer op Lëtzebuerg. De Barthol an de Luckner gi bei d'Firma Marco Rollinger ee Stage maachen an de Félix geet bei den Electrocenter op Luerenzweiler fir ze kucken wéi Solarpanneaue funktionéieren, opgebaut an ugeschloss ginn.
Am Februar 2012 soll d'Schoul da montéiert ginn. Op der Plaz sinn dann och zwee Monteure vun der Firma Rollinger.

Rob Theisen

## INTERVIEW MAM JULIE BECK

### Déi klassesch Fro: Wat waren deng éischt Impressiounen, wéi's du vum Flughafe bei de Lionel gefuer bass?

Duerch mäi Papp, an d'ASBL AAH sinn ech säit klengem u mat Haiti konfrontéiert ginn. Am Ufank waren et nëmme Geschichten déi ech lénks a riets erzielt krut, spéider och Fotoen a Filmer. Mee wierklech eppes dorënner virstellen konnt ech mer laang net. Vill Froen hu mech als Kand beschäftegt. Wéi lieft e Meedchen a mengem Alter dohannen? Wat genau mécht mäi Papp do wann en dohinner geet, zesumme mat all deene Leit? Wisou kënnen di Kanner net einfach all an d'Schoul goen esou wéi hei? Wéi kann dat sinn, dass iwwerall souvill Dreck läit, hunn déi keng Poubellen? Saachen di ech deemools ni verstan hunn, an jo, déi ee sech deelweis lo nach freet. Mat der Zäit war fir mech da kloer, dass och ech dat Land wollt erliewen a richteg kenneléieren. Mee wierklech bewosst, wat genau do op mech duerkënnt, war ech mer trotz all de Fotoen, Erzielungen a Virbereedungen net….

Scho wéi mer um Flughafen ukomm sinn, sinn ech mer virkomm wéi an enger anerer Welt: chaotesch, eng Hëtzt déi een erschléit, duercherneen, onorganiséiert, an einfach anescht. Dat éischt wat mer opgefall ass war de Geroch. De Geroch vun Haiti, deen ech schonn vun de Saachen am Buttek an deenen aus dem Jemp senge Wallisse kannt hunn. Keen onange-nehme Geroch, mä einfach eppes wat iergendwéi iwwerall dohanne present ass, an zum Land gehéiert wéi déi Hëtzt déi dauernd do ass. Knapps aus dem Flughafen eraus, a mat der éisch-ter Prestige ge-stäerkt, geet et da lass um Unhänger iwwert di chaotesch Stroosse vun Haiti, di méi schlëmm si wéi ech mer se virgestallt hat, muss ech soen. Ausser e puer roude Luuchte gëtt et net ganz vill Regelen op der Strooss. Nëmmen drop lass. Spueren, Schëlder an (Virfaart-)Regelen wéi mir se kennen, sinn dohannen net wierklech verbreet. En Duercherneen a Gedrécks sonnergläichen. Permanent tut iergendwou op d'mannst een, an Autoe mat décke Musekboxen um Dag suergen dofir dass et net langweileg gëtt. Leit déi iwwert d'Strooss lafen a probéiere sech puer Suen ze verdéngen an deem se Waasser, Brout, Zännbiischten oder wat och ëmmer verkafen, an soubal



een dann emol bei enger rouder Luucht steet, kommen och schonn d'Kanner gelaf fir d'Fënsteren ze botzen. Et ass jiddefalls ëmmer an iwwerall eppes lass. De Gestank vum Dreck dee laanscht Strooss läit an de Stëbs loossen och net laang op sech waarden. Et ass eng aner Welt. Eng Welt, op déi ech geduecht hat gutt virbereet ze sinn, mee et war mer spéitstens no déier Faart kloer ginn, dass ech et net war. Keng Foto a keng Geschicht hätt mech kënnen op dat virbereede wat ech an deenen nächsten 2 Wochen nach sollt erliewen.

### Wéi gesäis du den Ënnerscheed tëschent engem Liewe beim Lionel an engem Liewen an der Auberge, respektiv Port-Salut, an deem Liewen dat een sou op der Strooss gesäit?

Natierlech ass tëscht dem Liewe bei Lionel an dem Liewen an der Auberge e klengen Ënnerscheed. Wann een an der Auberge ukënnt, huet een éischter d'Gefill et wär een an der Vakanz. Eng Piscine, leckert Iessen (wat mer zwar definitiv och beim Lionel haten!), Palme rondrëm, en Zëmmer mat Klimaanlag, Dusch, propper Toilett, an ee Bett. Ech hu fonnt et ass eng kleng Scheinwelt. E Paradis matzendran. Do kéint een dach glat vergiesse wat sech ausserhalb vun der ofgetrennter a bewaachter Auberge befënnt. Et war ee komescht Gefill, an ech hu fonnt, et fillt ee sech schlecht an der Auberge op Toilett ze goen a Waasser ze zéien, wann ee genau weess, dass een just brauch zur Fënster raus ze kucken fir de Misär ze gesinn, an ze wëssen, dass do vill Leit fir all Drëps Waasser kämpfen. Genausou wéi den Hotel zu Port Salut, deen direkt um Strand loung. Och wann et vläicht net grad dem europäesche Standard a punkto Dusch a Komfort gerecht gëtt, war et am Verglach zum Alldaagsliewen an Haiti pure Luxus. Och do hate mer eng Dusch an eng propper Toilett, an en plus loung alles direkt schéin um paradisesche Strand, op deem mer owes gutt giess hunn, bei Sonnenënnergang. Vakanz pur oder net?

Anescht war dat natierlech an der Zäit wou mer beim Lionel gewunnt hunn. Do hu mäi Papp an ech op der Carrymatt an der Stuff um Buedem an engem Moskitozelt geschlof. Keng Klima, kee fléissend Waasser, Elektresch nëmmen *"si Dieu veut"*, keng Dusch, an eng Toilett, déi och net grad dat war wat een hei propper nennt, a schlussendlech keng Fënster di een einfach an der Nuecht konnt zoumaache wann engem de Kaméidi dobaussen ze haart ginn ass (an dat ass een!), wa Musek gelaf ass, Tumult op der Strooss war, en Hunn gekréit huet oder einfach mol nees um 4 Auer moies een zum Gebiet opgeruff huet. Mat e bësse méi laang schlofe Moies, ass do och net vill gelaf, spéitstens um 7 huet alles am Haus gewibbelt an dee leckeren haitianesche Kaffi

stoung prett um Dësch. Sou ass een dann do an den Dag gestart.

Dat Liewen dat een dann esou op der Strooss gesäit, ass natierlech nach een anert wéi dat beim Lionel. Wierklech beuerteelen a virstelle kann, mengen ech och kee sech dat vun eis, wéi haart dat wierklech ass. A wann ee mam Auto laanscht fiert, oder laanscht tréppelt, a flüchteg riets a lénks e puer Andréck sammelt, kënne mer eis, mengen ech, och all ganz glécklech schätzen, dass dat esou ass. Et gesäit ee Leit di all Dag ëm hiert Liewe kämpfen Iwwerliewenskënschtler. Kanner spille mat allem wat se fannen, a baue sech aus e bëssen Dreck eng Spillsaach mat där se sech stonnelaang ameséieren.



Am meeschte Respekt hunn ech virun deene Fraen déi regelméisseg mat kiloschwéiere Kierf um Kapp voll Uebst oder Waasser oder soss eppes riseg Weeër zeréckleeën, an zwar net mam Auto, Bus oder Zuch, wéi een et hei géing man, mä zu Fouss, an dat biergop, biergof iwwer enk Weeër an duerch eng Hëtzt déi ee fäerdeg mécht. An alles just fir hallefwegs „iwwert d’Ronnen“ ze kommen, an dat alles ouni sech ze beschwéieren.

### Wéis du gesinn hues, gëtt et zimlech vill Problemer an Haïti. Wat wär fir dech am Wichtegste fir d'Éischt ze Änneren? A firwat?

Ech mengen dass ech do ganz dem Projet vun AAH zou-stëmme mat der Schoul. Educatioun a Schoul si menger Meenung no zimlech wichteg, wann net di wichtegst Aspekter, well duerch Schoul kann een haitianescht Kand spéiderhin e Beruff ausüben an eng Paie kréien, mat där et sech an seng Famill ernähre kann. Doduerch kann den Däiwelskrees vun dem Stroosseliewen eventuell fir verschidde Leit ënnerbrach ginn. Et ass wichteg, dass d’Leit eng Educatioun hunn, an dat ass, mengen ech, och ee vun deene gréisste Problemer an Haiti, nämlech dass d’Eltere sech keng Schoul fir hir Kanner leeschte kënnen.

### Wat huet dech am meeschte beandrockt? Souwuel eppes Positives wéi eppes Negatives.

Am meeschte beandrockt huet mech de Courage, an di positiv Astellung vun den Haitianer. Egal wie schlëmm se dru sinn oder wie schlecht et grad leeft, wann’s de se frees wéi et hinne geet soen se ni schlecht, héchstens „pas si mal.“ . Si hunn eng onheemlech Iwwerliewens kraaft a sech. A wéi mäi Papp och ëmmer seet, eng onwahr-scheinlech Toleranz géigeniwwer vun hire Matmënschen. Wa bei eis scho laang d’Police um Apparat wär, well den Noper moies um 4 mam Megafon duerch d’Strooss bläert, kucke si doriwwer eweg. A wann de Noper mam Kolleg, an d‘Tata mat der Cousine mat der Schwëster an der Nies owes och nach laanscht kommen, gëtt sech dat gekachten lessen einfach opgedeelt. Dann eben duerch 12 amplaz nëmmen duerch 6, dat bëssi wat se hunn, gëtt einfach gedeelt ouni mat der Wimper ze zucken…

Eppes dat ech am Ufank als „negativ“ Erfahrung an Haiti emfonnt hunn, ass dass ee sech heiansdo e bëssen als Aussesäiter virkomm ass, wann een op der Strooss tréppelt, zu 2 als



eenzeg Wäisser am ganzen Duerf ass, an et gëtt een da riets a lénks sans gêne bekuckt,. D’Kanner jäitzen „blan, blan“, a Leit, déi matzen am Gespréich sinn, halen op mat schwätzen, a kucken der no wann’s de laanscht geess; et fält een einfach iwwerall op. Dat war am Ufank onangenehm hunn ech fonnt. Ech hat Momenter an deenen ech mer geduecht hunn et wär jo méi onkomplizéiert einfach schwaarz ze sinn, en Deel vun hinnen, deen net iwwerall erausstécht egal wou een higeet. Mee dat leet sech relativ séier, an zum Schluss war ech scho bal dru gewinnt dass et esou war.

### Geess du nach eemol zeréck?

Jo ech denke schonn dass ech nach emol zréck ginn, ech si mer souguer zimlech sécher. Soubal een dat op der Plaz gesinn a materlieft huet, léisst et een net méi richteg lass. No dëser éischter Rees sinn ech motivéiert, eppes ze maachen a mech dofir anzesetzen, dass et zumindest verschiddene Leit herno besser geet, och wa meng Motivatioun fir ze hëllefen nëmmen eng Dréps op e waarme Steen ass.

Julie Beck

## Rétrospective:

# De Container erzielt ...

Ma ech gouf bis elo nach net gefrot, mee ech erzielen iech elo e ganz interessant Stéck aus mengem Liewen….

Ech stoung eng Zäitche mat menge Kollegen am Containerpark a mir hun eis, fir d’Zäit ëmzekréien, vun eise leschten Abenteuerreesen erzielt … Bis enges Daags … Et war Méindeg, den 30. November 2009, ee Camion mat engem Kran eragefuer ass a mir eng déck Kette ronderëm de Bauch gestréckt huet. Du wosst ech direkt wat géif kommen: “Aha, lo geet et nees lass” …. hunn ech geduecht, … “eng nei Rees!”.
Ech ginn op de Camion gehuewen, soe menge Kollegen Äddi, an de Camion an de Kran fuere mat mer fort.

No laangem Fueren duerch Bëscher, Stied a Felder komme mir an eng Uertschaft mam Numm Steesel, wou mir e géie Bierg eropfueren an dann endlech virun engem Haff mat Haiser ronderëm, zum Stoe kommen. D’Kette ginn erëm ugeluecht, de Kran hieft mech op, a setzt mech do an den Haff, virun eng Garagendier. Do wosst ech nach net dass ech do géif 13 Méint stoe bleiwen. De Camion an de Kran hunn ech eréischt am Januar 2011 erëmgesin, mee bis dohinner ass vill geschitt!

Owes, wéi et dunn däischter ginn ass, koum eng lëschteg Band un. Si hu sech eng Zäit laang am Haus versammelt, bis dunn d’Viichtdier vum Haus opgaangen ass, d’Garage opgemaach gouf, meng Dieren opgezu gi sinn, an déi ganz Band ugefaangen huet mech z’ inspizéieren. “Roud”, “grouss”, “al” a “raschteg” waren ënnert anerem déi Wierder déi si benotzt hu fir mech ze beschreiwen! An ech hu bei mir geduecht, “wa si och sou vill an sou laang ëm d’Welt gereest wären, géifen si och matgeholl ausgesinn!”

Mee wéi ech du fir d’éischt konnt ee Bléck an d’Garage geheien, hunn ech net schlecht gestaunt. Et konnt ee just nach zou Fouss eran an eraus goen. D’Garage stoung nämlech strubbelvoll mat Këschten, deels gefëllt, deels nach eidel, Veloen, Bicher déi iwwerall erëmgetrollt sinn, Spillsaachen, Scotch, Plastikstuten, Bulleplastik, Wisch und Weg, a sou weider…

Gréisstendeels huet sech d’Gespréich vun där jonker Band ëm Haiti gedréint. Ech wosst fir d’éischt net wat mat deem Wuert gemengt wär, mee hunn dunn an deenen nächsten Deeg verstan, wat meng nächst Missioun ass. Ech soll mat Material geluede gi fir Leit a fir eng Schoul op der Rivière Froide an Haiti, engem Land dat wäit eweg läit a net mam Auto oder Camion erreechbar ass. E si gewuer ginn, dass dat ee Land ass wou déi allermeeschte Leit immens aarm sinn, an dofir Hëllef vun anere Mënsche brauchen. Di jonk Band, ass de Komitee vun der asbl Action Avenir Haiti an huet een Opruff u Frënn, Kollegen a vill aner Leit gemaach, Saachen ze sammelen déi an deem Land gebraucht gi fir d’Schoul oder fir d’Leit aus deem Duerf.

Ëmmer erëm sinn Autoe bäigefuer an d’Leit hu Këschten aus der Mall geholl, déi dann nach an di scho voll Garage gestallt goufen. Dës Këschte goufen dann oft ëmgepak oder den Inhalt fir d’éischt a Plastikstuten an dann nees a Këschte getässelt. All Këscht gouf du mat Scotch fest zougepecht, op d’Wo geluecht, a krut du schlussendlech eng Etikett mat enger Nummer an enger Bezeechnung jee no deem wat dra war. D’Këschten hunn se dunn, sou gutt et gaangen ass, a mengem Bauch verstaut. Am Computer ass och eng Lëscht gefouert ginn, betreffend mäin Inhalt. Ech muss scho soen, sie ware ganz gutt organiséiert! Den Hond vun der Famill Theisen, bei deenen ech jo am Haff virun der Dier stoung, ass och ëmmer kucke komm wat lass war, an huet ëmmer ganz haart gebillt, wann ee mam Auto bäigefuer ass.

Bis Ufank Januar 2010 ass vill u Material, Spillsaachen, Handwierksgeschir, esou wéi eng komplett Solaranlag zesummegedroe ginn. Si hate mech bal voll, a wollten mech du gläich op d’Rees schécken. Ech war frou wéi ee Geck, well et war mer sou kal an ech wollt an d’Sonn. Mee et sollt anescht kommen. Den 12. Januar 2010 war an Haiti ee gewaltegt Äerdbiewen, a villes zerstéiert ginn, ganz Staddeeler sinn zesummegefall an honnertdausende Mënschen em d’Liewe komm, respektiv schwéier verletzt goufen. Meng Leidensgenossen am Hafe vu Port-au-Prince sinn och deelweis an d’Waasser oder een op deen aner gefall. Och den Haafen gouf schwéier beschiedegt.

Action Avenir Haiti huet du beschloss, mech nach net fortzeschécken an nach ze waarden, fir ze kucke wéi d’Situatioun sech géif weider entwéckelen. Si hunn décidéiert dass et ze ongewëss wär an dass d’Material dat ech geluede hätt, hei virun der Garage am sécherschten opgehuewe wär.

Deelweis sinn ech souguer erëm ausgepak ginn, fir wichtegt Material dat ech gelueden hat an dat awer dringend op der Plaz gebraucht gouf, méi séier mam Fliger iwwert d’Hëllefsorganisatioun Croix Rouge ze verschécken. No dëser “Hau-Ruck”-Aktioun sinn ech du weider net méi gepak ginn an et hunn heiansdo geduecht si hätte mech vergiess. De Wanter ass eriwwer

gaangen, Schnéi ass gefall an huet mech wäiss iwwerdeckt, ass nees geschmolt an d'Fréijoer war och scho bal eriwwer, wéi dach net ee sonnege Samschdeg, Mëtt Mee, déi ganz Band sech erëm bei mir versammelt hat. Ech konnt et net gleewen, ech war richteg opgereegt.

D'Stëmmung war gutt. Si hu meng Dieren opgerappt, an hu fir d'éischt gekuckt, sou gutt et goung, op hiert Material kee Schued iwwert de Wanter kritt hätt. No e bëssen hin an hier, hunn se sech dann entscheet dass alles gutt wier an dass mam Pake soll viru gemaach ginn. Um Enn vum Dag, am spéiden Nomëtte war ech dann awer esou gutt wéi voll gelueden. Ech weess net wéi déi dat gemaach u fir nach bal eng zweet ganz Garage a mech eranzepaken. Elo hu just nach Klengegkeete gefeelt, déi an deenen nächsten Deeg awer och nach sollte geliwwert ginn. Si hate vir, mech gläich duerno op d'Rees ze schécken. Do si si all op mäin Dag geklom men, ech mengen, dat war fir dee Moment ze feieren. Et goufen souguer Fotoe gemaach! Den Hond war och mat dobäi. Ech hu wierklech gegleeft "sou, lo ass et esou wäit…..".

Mee ech hunn nach misse gedëlleg waarden. Enges Daags am Summer ass awer nach eppes Lëschteges geschitt. Een Haitianer, de Boyer, hat e puer Këschte mat Saache bruecht déi hien hei zu Lëtzebuerg geschenkt krut. Well hien dat net alles a seng Wallis krut, huet hien et an de Container gelueden. Well ee jo awer muss opschreiwen op eng Lëscht wat dran ass, hunn se déi Këschten och opgemaach an nei verpak. Bei enger Këscht hu si net schlecht gestaunt, wéi si Kaffi, eng ganz Fläsch haitianesche Rhum, eng haitianesch Statu, déi si mat "Baron Samedi" bezeechent hunn, an ee roude Foulard fonnt hunn. De PRäsi an de Vizepräsi hunn haart gelaacht a sech d'Fro gestalt wat dat da fir ee Sënn hätt haitianesche Rhum erëm zeréck an Haiti ze schécken. Si soten et géif es jo genuch dohanne ginn. Also, hunn déi zwee d'Fläsch kuerzer-hand opgemaach an e puer Schluppe gedronk. Wann der se frot, soen se iech "et war just eng Schlupp", mee…. Op jiddefalls koum déi Fläsch du net direkt erëm zeréck an d'Këscht mee si stoung du länger Zäit an der Garage. Kuerz ier de Boyer du nees sollt an Haiti fléien, ech mengen et war am September, ass de ganze Komitee nach eemol mat him iesse gaangen. Do huet de Boyer dunn erzielt, dass dee Container gutt beschützt wär, well hien de "Baron Samedi", eng Voodoo-Statu an eng vu senge Këschte gepak hätt. Hien hätt och beschtens fir de Baron gesuergt an him alles gi wat hien op der Rees bréicht: Rhum, Kaffi an ee roude Foulard. Dat wär als Merci a géif hie besänftegen, sou dass de Container gutt zu Port-au-Prince ukéim. Dem Präsi an dem Vizepräsi sinn Aen a Mond opstoe bliwwen. Doheem, ass d'Fläsch dunn nees a mengem Bauch verstaut ginn.

Duerno ass et alt nees roueg em mech ginn, an déi geplangte Reess ass einfach net lass gaangen. D'Méint si vergaangen, den Hierscht an de Wanter sinn erëmkomm. Ech hunn du schonns ugefaang mech zolitt ze langweilen. Ech war jo quasi ganz voll gepak. "Op wat waarden déi dann nach?" hunn ech mech gefrot. Den Noper niewent Theisen's huet sech déi Fro bestëmmt och gestallt! D'Joer 2011 stoung an d'Haus, an dunn op eemol war nees "action" ugesot, an se hun mech du schlussendlech voll gefëllt, d'Dieren eng leschte Kéier zougemaach a mat Schlässer zougespaart. Ech hat Folgendes gelueden:

| **Beschreiwung** | **Kilo** | **Stécker** |
|---|---|---|
| 6902 Bicher | 2154 | 138 |
| Schoulmaterial | 274 | 35 |
| Kichenmaterial | 516 | 31 |
| Bureausmaterial | 293 | 22 |
| Spillsaachen | 326 | 50 |
| Poschen | 130 | 19 |
| Lingerie, Stoff | 190 | 24 |
| Bitzgeschir a Bitzmaschinnen | 213 | 8 |
| Kleeder | 124 | 16 |
| Informatiksmaterial | 297 | 18 |
| Audiovisuellt Material | 183 | 24 |
| Sanitaire | 491 | 40 |
| Aarbechtsgeschir | 659 | 56 |
| Material fir Solarpanneauen | 742 | 43 |
| Elektreschgeschir | 196 | 24 |
| Baumaterial | 670 | 142 |
| Verschiddenes | 266 | 11 |
| **Total** | **± 7724** | **702** |

No e bësse méi wéi engem Joer, Donneschdeg den 13. Januar 2011, war et da schlussendlech sou wäit. De Camion an de Kran stoungen erëm an der Strooss fir mech mat op meng Rees ze huelen. Vir t'éischt sinn ech mam Camion op Antwerpen an da weider mam Schëff, 3 Wochen um Mier, bis op Port-au-Prince, d'Haaptstad vun Haiti, gefouert ginn.

Zu Port-au-Prince am Hafen hunn d'Douanieren domadder uge-faange mäin Inhalt an aner Leidensgenossen ëmzeluede fir op dës Manéier den Inventaire ze maachen. Si hunn an all eenzel Këscht gekuckt. Zwësche Këschte mat Bicher hunn se souguer, eng Këscht lëtzebuerger Béier fonnt, deen se, sou wäit ech matkritt hunn, ganz gedronk hunn, obwuel dëse schonns iwwert ee Joer al war, am Wanter gefruer ass an am Summer gekacht huet! Prost!

Duerno réicht hunn ech d'Leit vun der haitianescher Action Avenir Haiti gesinn. Si hu mech missen nei paken a mat engem Camion op d'Rivière Froide an d'Schoul transportéieren. Ech sinn deelweis vun hinnen ausgepak ginn a si hu sech drëm gekëmmert, dass meng Ladung op déi richteg Plaz an bei déi richteg Leit komm ass.

Ech stinn haut nach hei am Schoulhaff, agequetscht tëschent der aler Schoul, déi se hallef ofgerappt hunn, well se zevill Rëss hat, an deene provisoresche Klassesäll. Am Fong gefält et mir ganz gutt hei, souvill Kanner ronderëm, do ass ëmmer eppes lass an ech hu vill ze kucken. Et ass hei och net kal, a wann et am Dag ze waarm ass kënnt och eng gutt Dusch déi een ofkillt. Ech gi bal all Dag opgespaart, well an enger rouder Këscht vill Bicher fir d'Schoul leien. Dir musst wëssen dass hei net vill Schief si fir Saachen dran ze maachen, also sinn ech am Moment fir si ee grousse Schaf.

Am Abrëll, wéi e puer Lëtze-buerger vun Action Haiti hei waren, jo, ech hat se erëmerkannt, 3 vun deene souzen op mengem Daach, dee-mools do am Haff zu Steesel, hu si driwwer geschwat, dass se mech misste réckelen, well elo gläich nach méi Container kommen, déi nach méi grouss si wéi ech. Ech freeë mech lo schonns drop mengesgläichen erëmzegesinn. Wann ech richteg verstan hunn, dann hunn déi eng ganz nei Schoul gelueden. Eii, dat get spannend. Méi schéi kann ee sech seng Containerpensioun eigentlech net virstellen. Am Fong war gesot ginn, dass dat hei meng leschte Rees wär, well ech schonn ze al si fir nach iwwert dat raut Mier ze fueren, mee mol kucke wat d'Zukunft esou fir mech bréngt.
Villäicht ginn ech jo och an ee Buttek ëmfonctionnéiert sou wéi ee vu menge Frënn uewen um Bierg bei de Schwësteren ...



Melanie Cardew



## Rétrospective:
## Pengschten 2010
## meng Rees - meng gedanken

Mat gemëschte Gefiller souz ech am Fliger, mir waren d'Biller nach am Kapp: Verwüstung, Verletzter, Obdachloser, Hëlleflosegkeet... Et war Péngschten, an déi auslännesch aide d'urgence ass op Volltoure gelaf. Ech wousst awer och, dass dëst nëmme schwéier z'organiséiere war. An engem Land, wou bis elo, fir déi allermeescht ee neit puer Schong ee Luxus war, ass et elo drëm gaangen, alles gerecht ze verdeelen. Um Flughafen huet ee schon gemierkt, dass et net méi sou war ewéi fréier: ee Bus huet eis an een anert Gebai gefouert, net dass et soll besser gaange sinn, neen, et war nëmmen neit Material do, awer de Chaos fir bis bei d'Valise war nach ëmmer deeselwechten. Och virun der Dir war et net anescht ewéi soss. Aus dem klimatiséierte Flughafen, dréckt engem d'Hëtzt an de Geroch vu Port-au-Prince op d'Gemitt, a natierlech och den üblechen Ëmfang vu ganz villen Haitianer, vun deene jidderee wëll hëllefe fir Gepäck ze schleefen. E bësselchen doheem spiert ee sech dann, wann een den üblechen Empfangscomité gesäit: de Félix, den Jhonny, de Barthol, de Lionel an de Boyer waren do, an um Parking huet schonn eng kill Prestige op mech gewaart. Anescht ewéi soss war och nach d'Martine dobäi, eis Lëtzebuerger „envoyée spéciale", wat

eis déi läscht Méint direkt vun der Plaz déi beschten an néideg Informatioune matdeele konnt.

Mäin Openthalt war nëmme kuerz geplangt, ech sollt néng Deeg bleiwen, a mäin Optrag war net kloer definéiert, awer op Haiti ass dat souwisou net ze plangen, well et meeschtens aneschters kënnt ewéi geduecht. An sou war ech ganz flexibel fir dës puer Deeg z'organiséieren.

Meng Haaptziler ware beim Verdeele vun den Zelter dobäi ze sinn, de Projet vun „Eppmph"mat de Baueren ze starten, wéinst der Baugenehmegung vun der Schoul eng Entrevue mam Buergermeeschter vu Carrefour ze kréien, déi Responsabel vun Croix Rouge Lëtzebuerg ze treffen, an den Ëmbau respektiv Neibau vum Schoulgebai weiderzedreiwen.

Ënnerwee am Jeep bis op d'Rivière Froide konnt ech dann och den Ausmooss vun der Katastrof gesinn. Erschreckend an onvirstellbar, déi riseg Zeltdierfer a Campen, zesummegestréckt aus Platiksbaatschen, Holzlaten an Kartongen. Mënsche liewen op engstem Raum, schlofen um Buedem, an decke sech nuets mat hirer Hoffnung dass se deen aner Dag nach do sinn, zou. Et ass fir eis net virstellbar esou ze liewen. Um Mëttelsträife vun der Haaptstrooss, op 3m2 an duerch d'Héicht vum Trottoir virum Reewaasser geschützt, wunne ganz Famillen an hir Kanner lafen tëschent dem Verkéier a kucken an eng ongewëss Zukunft.

Ganz häerzlech gouf ech dann an der „Kay Bélizaire" empfaang. Ech sollt mech beim Lionel senger Famill ewéi doheem fillen, a gouf och deementspriechend verwinnt. Hiert Haus, dat jo fir eis Verhältnisser nach éischter ee



Réibau ass, war vum Biewe verschount bliwwen. Et ass momentan op engem Stack an huet 2 Schlofzëmmer, eng Buedzëmmer, eng Kichen an eng kleng Stiffchen. Vun dëser Stiffche kënnt een dann op ee klenge Balcon mat enger schéiner Vue iwwert d'Rivière Froide. De Lionel ass ganz stolz op seng Plantatioune ronderëm, an sou sëtzt een do gemittlech am Schied vun de Palmen. Am Haus gëtt nëmmen am Dag gelieft, et ass nach ze geféierlech, soe meng Matbewunner. Nuets am Schlof kënnt ee net fort, an et si nach ëmmer Répliquë vum Biewen ze spieren. D'Mënsche liewen an enger Angscht, déi ech spieren, awer net verstoe kann, wat soll da lo nach geschéien, esou vill Ongléck kann et dach net ginn, dass nach eppes nokomme soll.

An da verstinn ech och firwat eis Frënn méi kleng Zelter gefrot haten: hannert dem Haus am Hiwwel stinn eis Dortoiren, de Buedem gouf riichtgezunn fir genuch Plaz ze hunn. Ee klengt Zelt vum Martine, dann eppes Zesummengebasteltes wou de Lionel mat senger Fra an den dräi Kanner dra schléift, e bësselche méi déif mäin Zelt an nach méi ënnen an engem Zelt schléift hir Tatta. Als ale Scout mécht et mir näischt aus, an engem Zelt ze schlofen, awer hei kënnt et mir schonn als Luxus vir, dass ech ee proppert 3-Mann-Zelt, mat festem Buedem, vir mech ganz eleng zur Verfügung hunn. Ëmmer méi gëtt mer eppes kloer: mir kennen net vergläichen, an et ass net méiglech sech an dës Situatioun ze versetzen. Mir moosse mat verschidden Eenheeten. Den Haitianer denkt anescht an huet am Liewen aner Prioritéiten ewéi mir, si plangen net laang an d'Zukunft, si liewen an den Dag eran, se kënnen net vill verspriechen, well se net sécher sinn, dëst och anhalen ze kënnen. Et geet alles méi gemittlech, well et kënnt een souwisou net schnell wieder, an et brauch een eng onmoosseg Gedold fir eppes ze erreechen. Den Haitianer ass frou um Liewen ze sinn, an iwwerlieft dofir an engem risege Chaos mat erstaunlech gudder Laun.

D'Kanner ginn engem dee beschte Lien zu heiheem, well et gesäit ee wéineg Ënnerscheed: si spillen, entdecken, froen a léieren, sinn éierlech a fräi vu Virurteeler. Vu grondop ass de Mënsch dach deeselwechten, gëtt duerch seng Ëmwelt geprägt a léiert do eens ze ginn.

Op der Terrasse wou sech sou Muenches ofgespillt huet, hunn ech och mam Stéphanie no sengen Engleschaufgabe gekuckt, hat huet mir stolz seng Hefter gewisen a virgelies. D'Christelle sëtzt an engem Eck a schreift Vokabelen op enger Schifertafel, an dee klengen Andy danzt an hopst duerch d'Géigend. Eigentlech ganz normal. Een aner Dag gëtt dann awer och eng Geess geschluecht an da sinn et déiselwecht Kanner déi ënnert den zuckende Bock eng Schossel hale fir d'Blutt opzefänken, an duerno nom Dëppe kucke wou de Kapp dra gekacht gëtt. Dat kann ee sech heiheem nees net virstellen.

Dat Liewen an der Gemeinschaft vu Famill a Noperen huet mech beandrockt, hiert Haus ass am Dag op, an all Moment sinn ëmmer Leit do, déi iergendeppes maache kommen. Eng Nopesch bréngt Kaffi, an dëse gëtt direkt geréischtert, eng aner kënnt wäschen an duerno gëtt zesumme gebak. D'Nopeschkanner komme lanescht spillen a ginn eventuell Commissioune maachen, all Mënsch bedeelegt sech un der Aarbecht. An awer ganz kloer, wann de Mann nett do ass, dann ass d'Fra Chef au Foyer an déi eege Kanner stinn ëmmer am Virgrond. Fir si gëtt alles gemaach an awer kréien se scho ganz fréi Responsabilitéiten.

Op engem Weekend konnt ech mat engem ale Frënd een Tour an d'Hannerland maachen. Mir hu Port-au-Prince iwwert eng ganz nei Strooss Richtung Vallé de l'Artibonite verlooss. Eng Strooss déi enorm wichteg ass, et konnt een gesinn ewéi d'Mënsche richteg dovu profitéieren. Wuere kënnen an dräi Stonnen an d'Haaptstad transportéiert ginn, soss huet ee, wann et gutt gaangen ass, een ganzen Dag gebraucht, fir iwwert Sandpisten, duerch Bullisläscher an Flossduerchquerungen, ee Maart z'erreechen.

Ech verstinn net firwat net méi Gelder an de Stroossebau investéiert ginn, alles konzentréiert sech op d'Haaptstad, wou zevill Mënschen wunnen. Firwat net am Hannerland investéieren, Industrien usidelen déi et éierlech mengen. De Mënschen Aarbecht an liewenswäerte Wunnraum schafen, an net Haisercher an de Slums opriichten, déi d'Mënsche weiderhi vun hirer Aarmut ofhängeg maachen, a sech da spéider opreegen dass keen eppes schafft an alles an e puer Joer rëm zerfält.

Wann den Haitianer d'Méiglechkeet huet, da kann hie schaffen. Si beweege fir eis Onméigleches, si si bereet vill Kompromësser anzegoe fir hir Famill kënnen ze ernähren, déi meescht si wëssbegiereg a léiere schnell. Eigentlech déi perfekt Populatioun fir een Entrepreneur. Mir fueren duerch eng ganz fruchtbar Géigend, wou immens vill ugebaut gëtt. Do kënnt engem d'Iddi „Komm mir grënnen eng Genossenschaft, planze Beem a maachen eng

Jusfabrik, fäerdeg am Tetrapack verpak kéint een et ganz gutt mat dem Barbancourt verkafen.:-) Et géife sécherlech ganz vill Méiglechkeete ginn an dësem Land Geld ze verdéngen, an d'Populatioun dovu profitéieren ze loossen.

D'Land huet vill ze bidden, och um touristesche Plang kéint ee villes maachen: Trekkingtouren duerch eng onberéiert Natur, Waasserfäll an Höhlen besichen, schlofe bei de Baueren, an duerno eng Woch ausrouen op de Plagen. Haiti brauch nëmmen eng minimal Infrastruktur an e puer éierlech Investore fir dëst alles ze erméiglechen.

Ech denken, dass do den eigentleche Problem läit: de Mënsch ass eben iwwerall tselwecht a kritt den Hals net voll, wann et entzwousch näischt ze huele gëtt, da gëtt och net investéiert. Mir wëlle gären hëllefen a spende Suen, op der aner Säit si mer an der „Geiz ist geil" - Mentalitéit a kréien iwwerall kloer gemaach, dass mer do kafe sollen, wou et am bëllegsten ass. Wien dorënner leit, dat ass eis dann als Endverbraucher egal.

Wa mer dat Wuert „Entwécklungshëllef" eescht huelen, da musse mer oppasse wiem mer hëllefen. „Gutt" gemengte Spende vun enger Firma Monsanto, déi hiert manipuléiert Geseems op Haiti gecheckt huet, an d'Baueren doduerch vun hirem Dünger ofhängeg mécht, oder Spende vu subventionéiertem US-Räis, deen da vill méi bëlleg ass ewéi deen am Land produzéierten, dat hëlleft den Haitianer nëmme wéineg.

Wann ee probéiert ze verstoen ewéi si liewen a funktionéieren, wann een op si lauschtert, a wann een dann, eventuell eise Know-how an eis Mëttel asetzt fir eppes ze erreechen, dann ass dat eng durabel Entwécklungshëllef. Dat dauert wahrscheinlech méi laang, ass méi opwenneg an der Kommunikatioun, kann awer sécherlech oft mat manner techneschem Opwand realiséiert ginn.

Meng Woch war ze kuerz an ze schnell eriwwer, op Haiti geet alles méi lues, wat mir hei plangen ass do meeschtens ni genau esou ëmsetzbar. Vill Problemer kenne mir eis hei net virstellen, mee wann een do wunnt an hiren Alldag matkritt, da gëtt ee sech dees wierklech bewosst.

Ech konnt duerch d'Hëllef vu mengen Aarbechtskollege mäin Openthalt em e puer Deeg verlängeren, a verschidde Punkte vu menger To-do-list ofhaken. Et sinn ëmmer nach nëmmen Drëpsen op ee waarme Steen, an awer sinn ech der fester Iwwerzeegung, dass mir um richtege Wee sinn, de Mënsch eescht huelen, a probéieren den Haitianer do z'ënnerstëtze wou hie selwer eppes zum Fortschrëtt bäidroe kann.

Rob Theisen








**AAH Lëtzebuerg an AAH Rivière Froide soen nach eemol villmools Merci fir déi generéis Donen!**

**Déi Sue komme praktesch zu 100% de Leit an Haiti ze gudd. Mir sinn eng kleng Associatioun an hu bal keng Adminstratiounskäschten, well Fligerticket an Openthaltskäschte bezilt jidderee selwer.**

Action Avenir Haïti